Ausser e puer gutgemengte Sätz, bei der Kris d'Drëtt an d'Véiert Welt nët ze vergiessen, an engem moraleschen Appell un di "begüterten Kreise der Gesellschaft", di misste (!) beméit sin, "beim Gebrauch ihres Vermögens arbeitsbeschaffenden Investitionen den Vorrang zu geben", wéinst der "Sozialpflichtigkeit des Privateigentums", di ëmmer neess vun der kathoulescher Soziallééier betount géif, huet de Koschter nët vill typesch Chrëschtleches a guer näischt Konkretes am Bëschof séngem Hiertebréif vun dësem Joer iwert d'Kris gelies. As dat e Wonner, wann ee weess ween e geschriwen huet (vgl. dem Koschter säi Pefferkär am "forum" Nr.61) a besonnesch dass kee vun de Betraffene selwer bei der Redaktioun matzeschwetzen hat? Esou bleift en alt erëm e Stéck gutgemengte, mä iwerflëssege Pobeier méi. Schued! m.p.

*

Ufanks Abrël goufen zu Lëtzebuerg eng Onmass vu Geldspillautomate an de Bistroe beschlagnaamt. Gendapol huet sech e sëlleche Méi gin fir di sozial Grënn vun där Aktioun duerzeleën: vill aarm Deiwelen hun op esou Spiller hir kleng Pei méi schnell verluer wi se kucke konnten, an der Illusioun, enges Dags de grousse Gewënn ze man. Déi Décisioun vum Procureur wor sécher richteg, och wa munnecheree gemengt huet, si wär éischter doduerch z'erklären, dass deem neie Kasino zu Mondorf keng Konkurrenz soll gemaach gin. Wi falsch déi béiswëlleg Ennerstellung wor, geet aus dem Kasinodirekter sénger Eröffnungsried ervier: "Hei steet de Mënsch am Mëttelpunkt!"sot en, hei geet ët also nët drëm, ëm säi sauer verdéngtent Geld aus der Täsch ze zéien!? De Koschter kann also nëmmen de Kapp rëselen (an heemlech Bravo soen), dass d'"Wort" an d'KP-"Zeitung" bis haut nach keng Reklam fir de Kasino publizéiert hun. Gleewen si dem Kasinodirekter grad su wéineg wi de Parteien, di mam selwechte Slogan Reklam man, dass de Mënsch wierklech am Mëttelpunkt steet? christ

*

E Frënd vum Koschter huet dëslescht gemengt, um chrëschtlechen Engagement vum Koschter a sénge Kollege wär zwar nët ze zweiwele, mä et géng hinnen awer u Spiritualitéit feelen. De Koschter hëllt déi Kritik sécher fir d'éischt emol seriö a wäert driwer nodenken. Zum zweete muss en awer froen, wéi dee Kritiker sech virstellt, dass de Koschter all séng Aarbecht duerchhält an dann och nach vu verschiddene Säiten, virun allem och aus bestëmmte kierchleche Milieuen, ugegraff gët, wann e nët op enger zolitter Glawensbasis kënnt schaffen, enger Spiritualitéit, déi ëm Dag fir Dag neess d'Kraaft gët, bei aller Flemm, duerchzehalen, weiderzeman?

*

De 25.4.1983 haten d'AFC-Solidarité Tiers Monde, Europe Tiers-Monde (e Gruppe Europa-Beamten) a Frères des Hommes den Edgar Pisani, Bréisseler Kommissär fir d'Entwécklungspolitik, an de Charles Condamines, fréieren Unisproff am Chile, op eng Konferenz zum Thema "Europe - Tiers Monde: quelle solidarité?" agelueden. Vum Publikum hir wor deen Owend e volle Succès. A well d'Dagespress zimlech ausféierlech iwer den Inhalt geschriwen huet, brauch de Koschter nëmmen op e puer Niewesächlechkeeten hinzeweisen: Et as sécher ze begréissen, dass den Agrarminister E.

Mühlen an de Staatssekretär P. Helminger de Wee op de Kierchbierg fonnt haten, dass si sech awer eweggestuel hun, wu d'Diskussioun mam Publikum ugaang as, muss ee bedaueren. Den Agrarminister hat sécher scho virdru gemierkt, dass dem Här Pisani säin Entwécklungskonzept nëmmen iwert de Wee vun enger neier europäescher Agrarpolitik ze réaliséieren as, an do as och dem Här Mühlen séng Verantwortung erausgefuerdert ... Ofwiesend woren awer eemol méi d'Vertrieder vun de Gewerkschaften, dem Konsumenteschutz, e.a. Dobei si grad si staark erausgefuerdert vun där neier Entwécklungskonzeptioun well se missten hei, an onse Länner, Ännerungen duerchsetzen, wa mer d'Politik vun enger "autosuffisance agro-alimentaire" vun den aarme Länner konsequent wëllen duerchféieren. Eis Konsumgewunnechten (z.B. manner Fleesch) mussen sech dann änneren, asw. D'Drëtt-Welt-Organisatiounen eleng bréngen dat nët fäerdeg. m.p.

*

Zu Nidderaanven huet de Schefferot virun der Kierch 6 schéin "crataegus" an 2 Lannen, d.h. 8 zolitt Beem, géint de Wëlle vum Porrot ëmhae geloss, déi di trostlos Kierfechtlandschaft e bësschen opgelackert hun. Well een awer, fir méi wi 2 Beem ëmzehaen, d'Erlaabnis vum Naturschutzminister brauch, huet de Fieschter ganz einfach di 8 Beem an "arbrisseaux" ëmgedeeft, an dun huet de Minister nët méi brauche beméit ze gin. Sou einfach kënnen zu Lëtzebuerg Staatsbeamten d'Gesetzer ëmgoen! g

*


De Koschter gouf vun enger Rei Lieser opgefuedert, dach endlech op dem "Wort" séng Attacken, d'Friddensbewegung wär eesäiteg a géif Moskau eleng di gréissten Déngschter leeschten, z'entwerten. De Koschter fënnt, dass ët eigentlech fir Mënsche mat gesondem Mënschenverstand a méisäiteger Informatioun misst kloer sin, dass esou Ennerstellunge Lige sin. Wann den lz (LW, 31. 3.1983) der Friddensbewegung vierwerft de Réckzug vun de Russen aus Afghanistan nach nie gefuerdert ze hun, da bestätegt en eng "Ennerstellung", di de Koschter op dëser Plaz an der Nr. 61 gemaach huet, wu en erklärt huet, firwat d'LW näischt iwert d'Präsenz vun der "Aktioun fir de Fridden" bei der Afghanistan-Manifestatioun vrun der russescher Ambassade geschriwwen huet: da géng nämlech den lz elo nët mi su liicht séng Ligemärecher kënne verzielen. Mä as et wierklech néideg op all déi Ennerstellungen am "forum" ëmmer neess anzegoen? Mir kennen se dach. Et kann een se scho viraussoen! csst

*

Wu d'Fussballweltmeeschterschaft an Argentinien wor, huet de Koschter protestéiert, well esou di argentinesch Militärdiktatur en immense Propagandasuccès hat. Wu d'Olympësch Spiller zu Moskau woren, huet de Koschter aus deemselwechte Grond - déi Kéier mat vill anere Leit - protestéiert. Mä Grënn vu nationalem Prestige hun d'Sportsleit derzou gefouert, trotzdeem dohin ze fueren. Elo huet d'Fussballfederatioun FLF fir d'Nationalequipe zwee Frëndschaftsmatcher (!) mat der Türkei arrangéiert. Déi Kéier gin ët keng international Verpflichtungen, fir mat enger Militärdiktatur hire Sportler Kontakt ze halen. Wéi wär et, wann d'Gewerkschaften hir Membere géifen opfuerderen, aus Solidaritéit mat denen Honnerte vu Gewerkschaftskollegen, di an der Türkei am Prisong sëtzen, dës zwee Matcher ze boykottéieren, z.B. nët kucken ze goen, keng Affichen opzehänken, nët matzespillen? Et wär en originelle Protest, dee nët vill géng kaschten an d'FLF vläicht zum Iwerleë géng bréngen. m.p.

*

Dementi: De Koschter muss an aller Bescheidenheet zougin, datt d'Poopstvisit nët säi Verdéngscht as. ss. C.-T.



DIE KOMMENDEN
"FORUM" - DOSSIERS

Nr. 65: Jugend und Politik
Redaktionsschluss: 4.6.1983
Erscheinungsdatum: 2.7.1983

Nr. 66: Kirche und Abrüstung
Redaktionsschluss: 1.9.1983
Erscheinungsdatum: 24.9.1983

Nr. 67: Redaktionsschluss: 8.1o.1983
Erscheinungsdatum: 5.11.1983

Nr. 68: Gesundheitswesen in Luxemburg
Redaktionsschluss: 19.11.1983
Erscheinungsdatum: 17.12.1983

*Wegen des Umfangs unseres Südafrikas-Dossiers mußten (wieder!) mehrere interessante Beiträge auf die nächste "forum"-Nummer zurückgestellt werden:*

*- ein Interview mit Bischof Claudio HUMES über Kirche und Arbeiter in Brasilien,*
*- die Fortsetzung der Enquête über die rechtsradikale Gruppe "Tradition, Famille, Propriété",*
*- die Besprechung eines Buches von Friedhelm HENGSBACH, Arbeit hat Vorrang,*
*- eine Besprechung des Buches über die italienische Immigration in Luxemburg,*
*- ein Interview mit dem Kabarett-Autor Guy REWENIG*
*- ein Leserbrief über den "Quart-Monde",*
*- die Fortsetzung der Rede von J.B.METZ "Aufstand unserer Hoffnung",*
*u.a.m.*

*Wir empfehlen allen unseren Lesern sich zu abonnieren, da sie dann nicht nur keinen Beitrag verpassen, sondern auch viel billiger wegkommen: Wenn wir die Seitenzahl erhöhen, sind wir nämlich gezwungen, den Preis der Einzelnummer heraufzusetzen, während Abonnenten diese Seiten gratis mitbekommen. Ausserdem spart die "forum"-Redaktion bei Abonnements die Gewinnanteile des Einzelhandels, insbesondere der Messageries P. Kraus (49% des Verkaufspreises!).*